

# adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire



Här Mars di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educationminister weiderzeleeden.

Ech wéilt dem Här Minister gär folgend Froen iwwert de Schoulsystem stellen:

1. An eisem Schoulsystem huet een op verschiddene Sektioonen a Klassen, respektiv op verschiddenen Ausbildungsweeër d'Méiglechkeet, fir verschidde Sproochen ze wielen oder och Sproochen ewechzeloossen. Huet de Ministère konkret Zuelen zu dësem Sujet? Op wat fir Sektioonen a Klasse gëtt sech éischer fir wat fir Sproochen entscheet? Sinn d'Grënn fir déi Entscheedunge bekannt? Wa jo, wat sinn d'Grënn? Wann nee, huet den Här Minister eng Iddi, wéi sech déi Entscheedungen erkläre loossen? Ginn et do Tendenzen, déi sech iwwert e bestëmmten Zäitraum entwéckelt hunn? Ginn et Tendenze jee no Nationalitéit vun de Schüler?
2. A wat fir engem Schoulsystem an op wat fir Klasse steet aktuell Lëtzebuergesch um Schoulprogramm? Wéi vill Stonnen d'Woch sinn do virgesinn a wat steet um Programm? Gëtt iergendwéi kontrolléiert, ob an deene Schoulstonnen och effektiv Lëtzebuergesch enseignéiert gëtt? Brauch den Enseignant eng spezifesch Formatioun fir déi Lëtzebuergeschcoursen duerfen ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten



Luxembourg, le 12 juin 2018

Monsieur le Président de la Chambre  
des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes

L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 3772 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Déi sëlleche Froen, déi den honorablen Deputéierte mir am Zesummenhang mam Sproochenenseignement an eisem Schoulsystem stellt, loosse sech zum Deel mat engem Réckgrëff op statistesch Donnéeë beäntweren, déi meng Servicer regelméisseg, ënner anerem zur Steierung vun der Sproochepolitik am Enseignement, elaboréieren.

**Ad 1)**

Grondsätzlech ass festzestellen, datt déi demografesch Entwécklung an eisem Land a virun allem en exigenten Aarbechtsmaart eng enorm Erausforderung fir den Enseignement, virun allem fir de Sproochenunterricht, duerstellen. De Sproochenunterricht ka sech deenen Entwécklungen net verschléissen a muss deemno stänneg um Niveau vun der Offer, vum Contenu a vun der didaktescher Approche ugepasst ginn.

Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch spille weiderhin eng wesentlech Roll an eisem Schoulsystem. Et handelt sech hei ëm eis gesetzlech festgeluechte Sproochen, op déi mir net kënnen a wëlle verzichten.

Op d'Fro, wat d'Grënn fir e méigleche Choix vun de Schüler am Zesummenhang mam Sproochenenseignement kéinte sinn, loosse sech keng valid Äntwerten fannen. Dem Ministère leie par contre détailléiert Zuele vir, a wéi enge Sproochen eis Schüler enseignéiert ginn a goufen, soudatt sech och Tendenzen duerstellen loossen, wat de Choix vun de Schüler ubelaangt:

- Grondsätzlech sinn am Enseignement secondaire classique aus statistescher Siicht just marginal Verännerungen am Sproochenenseignement auszemaachen. D'Unzuel vun de Schüler, déi Latäin als Friemsprooch wielen, ass zënter 2012 liicht réckleefeg

(-1,71%), eng vergläichbar Tendenz léisst sech fir déi däitsch Sprooch (-1,00%), fir d'Franséisch (-1,06%), fir d'Spuenescht (-1,61%) a fir d'Italienescht (-0,74%) erkennen.

- D'Unzuel vun de Schüler, déi am Engleschen ënnerriicht ginn, ass säit 2012 signifikant geklomm (+3,18%). Am Régime technique vum Enseignement secondaire général ass feststellen, datt manner Schüler an de Fächer Däitsch/Lëtzebuergesch (-5,16%) respektiv Franséisch (-6,89%) ënnerriicht ginn, wat ënnert anerem op eng gestärkte Roll vum Engleschen zeréckzeféieren ass.

## Ad 2)

D'Regierung erkennt d'Wichtigkeet vum Lëtzebuergesch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a Literatursprooch un. Et existéieren en etlech Mesurë fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch. Um Niveau vun der Educatioun engagéiert mäi Ministère sech, fir souwuel d' Lëtzebuerger Sprooch wéi och de Multilinguismus ze féerden.

Besonnenesch den Apprentissage vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur soll encouragéiert ginn.

Den Aktiounsplang fir eng Politik iwver d' Lëtzebuerger Sprooch a Kultur, deen iwver 20 Joer soll goen, wäert konkret Moossname fir dësen Apprentissage am Beräich vun der fréier Kandheet, an der Grondschoul, am Lycée an an der Erwuessenebildung proposéieren.

### Am Cycle 1

Fir Lëtzebuergesch ze léieren, soll et op kee Fall esou sinn, datt Kanner, déi nach kee Lëtzebuergesch kënnen an aner Klasse ginn wéi hir lëtzebuergeschsproocheg Schoulfrënn. D'Kanner léiere mateneen a vuneneen an der Interaktioun.

D'Kanner sollen alleguer Kontakt mam Lëtzebuergesch a mam Franséische kréien – oder bäibehalen, wa se schonn an der Crèche a Kontakt mat deene Sprooche waren. D'Kanner bleiwen ëmmer an hirem Grupp mat hiren Enseignanten. D'Enseignanten, déi bal ëmmer lëtzebuergesch Mammesproochler sinn, schwätze mat hinne Lëtzebuergesch oder Franséisch, jee no Situatioun déi eng oder aner Sprooch. Zil ass, datt d'Kanner sech an déi Sprooch eranhéieren an, am Lëtzebuergesch, de situatiounstypesche Vocabulaire kenne léieren.

An der Grondschoul ginn Epreuves standardisées gemaach, mat Resultater um nationalen Niveau, um Niveau vun der Schoul, vun der Klass an um individuelle Niveau. Am C 2.1 gëtt d'Héierverständnes am Lëtzebuergesch getest. Eng 5% vun de Kanner erreechen net den Niveau socle am Lëtzebuergesch ; dat correléiert staark mat de Resultater a puncto Schreiwen a Rechnen.

### Am Cycle 3 an 4 :

Hei ginn Texter a Lëtzebuerger Sprooch gelies, déi an den zwee Bänn vum *Lies a Fléi* stinn:

- *Lies a Fléi*, Band 1, fir de Cycle 3 vun der Grondschoul: iwver 70 Texter op Lëtzebuergesch vun engen 30 Auteuren, fir Kanner vun 9 bis 11 Joe,
- *Lies a Fléi*, Band 2, fir de Cycle 4 vun der Grondschoul: bal 100 Texter op Lëtzebuergesch vun engen 40 Auteuren, fir Kanner vun 11 bis 13 Joer.

Lokal, regional an national Inhalter iwwert Geographie a Geschicht stinn an de Léierpläng.

D'Lëtzebuergesch an der Grondschoul gëtt vun de Léierinnen a Schoulmeeschtere gehal. De pedagogesche Contrôle ass d'Aufgab vun den Direkteren vun der Grondschoul.

### Ënnescht Klasse vum Secondaire

Op 7<sup>e</sup> classique steet eng Stonn Lëtzebuergesch am Stonneplang. Am Enseignement secondaire général ass vu 7<sup>e</sup> bis 5<sup>e</sup> e Fach Allemand-Luxembourgeois virgesinn.

Op der 7<sup>e</sup> classique kréien d'Schüler fundamental Kenntneser iwwert d'Lëtzebuurger Rechtschreiwung vermëttelt. Do wéi och am Enseignement secondaire général ginn Texter gelies aus dem Schoulbuch *Lies de bal*, e Liesbuch fir déi ënnescht Klasse vum Lycée mat 40 Texter op Lëtzebuergesch fir Jugendlecher vun 12 bis 15 Joer.

Kenntneser iwwer Lëtzebuerg ginn transversal a verschiddene Fächer ewéi Geographie a Geschicht vermëttelt, woufir et speziell Editiounen vun auslännesche Schoulbicher fir Lëtzebuerg gëtt, mat Kapiteln iwwert eist Land.

Op de Classes d'insertion si Schüler, déi als Jugendlech an eist Land immigréiert sinn, ouni d'Sprooch vu Lëtzebuerg ze kennen. Hei gëtt Lëtzebuergesch mat véier Wochestonne geléiert, vu 7<sup>e</sup> bis 5<sup>e</sup>. D'Schüler léiere Lëtzebuergesch verstoen a schwätzen, an och liesen. Schreiwel léieren ass net virgesinn.

De Cours baséiert op dem Buch *Wat gelift?* an dem didaktesche Material, dat derzou gehéiert a speziell entwéckelt gouf, fir mat Jugendleche Lëtzebuergesch als Friemsprooch ze léieren.

De pedagogesche Contrôle ass d'Aufgab vun den Direkteren vun de Lycéeën.

### Iewescht Klasse vum Secondaire

Et gëtt keen obligatoresche Cours fir Lëtzebuergesch, mee all Schüler kritt e Cours ugebueden, an deem e ka léieren, Lëtzebuergesch richteg ze schreiwen. Dëst Schouljoer ass dat ausprobéiert ginn, a vun 2018-2019 u kritt all Schüler dee Cours ugebueden, op der 4<sup>e</sup> oder op der 3<sup>e</sup> vum Enseignement secondaire classique a vum Enseignement secondaire général.

Et ass virgesinn, datt an Zukunft och e Cours iwwer Lëtzebuurger Kulturgeschicht ugebuede gëtt, mat Hëllef vun engem eBook.

*Litèresch Welten* ass eng Anthologie fir déi iewescht Klasse vum Lycée, fir eeler Jugendlecher a fir Erwuessener, mat Texter op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch vu 70 Lëtzebuurger Auteuren, déi am Buch virgestallt ginn.

Lëtzebuergesch gëtt am Prinzip gehale vum Professor fir Lëtzebuergesch, deem als universitär Formatioun e Master am Lëtzebuergesch huet. Dee Professor fir Lëtzebuergesch besteet zanter 2009, wou en am Gesetz vum 22. Mee 2009 iwwert den Institut national des langues an iwwert de Professeur de langue luxembourgeoise definéiert gouf.

### Éducation différenciée

An de Klasse vun der Éducation différenciée gëtt Lëtzebuergesch allgemeng als Unterrechtssprooch benotzt, mee net als Friemsprooch enseignéiert.

Fir Schüler mat kognitiver Beanträchtegung ass "Leichte Sprache" an ënnerstëtzte Kommunikatioun mat graphesche Symboler adäquat (unterstëtzte Kommunikatioun,

Augmentative and Alternative Communication AAC). An dësem Kontext gëtt et Versiounen a Lëtzebuenger Sprooch.

Fir Schüler mat auditive Schwieregkeeten gëtt et déi däitsch Gebärdesprooch, déi mat engem Gesetzprojet an d'Sproochegesetz vun 1984 geschriwwen soll ginn.

### International a Privatschoulen

D'Lëtzebuenger Sprooch ass e wichtege Facteur fir d'Zesummeliwwen an eiser Gesellschaft. Dofir soll och jiddwer Jonken, deen zu Lëtzebuerg eng international Schoul besicht, a sengem schoulesche Parcours kënnen Lëtzebuergesch léieren. Eng iwwerschaffte Versioun vum Gesetz zu de Privatschoule wäert dofir d'Obligatioun fir all international Schoulen aféieren, Lëtzebuergeschcoursë fir sämtlech Schüler an hir Programmer opzehuelen. Den Educatiounsministère schafft e kohärent Konzept fir déi Coursën aus.

Aktuell ginn folgend Lëtzebuergeschcoursen an den internationalen Schoulen a Privatschoulen ugebueden:

Schoulen	Lëtzebuergesch	Stonnen/Woch	Programmen	Qualifikatioun vun den Enseignantën
<b>École privée Fieldgen (EPF)</b>	- Op den 7C-Klassen - École à la Carte	1 Stonn/Woch  1 Stonn/Woch	- Au choix du titulaire  - Offiziell Programme vum MENJE	Qualifizéiert Sproochen-enseignantën (Däitsch)
<b>École privée Marie-Consolatrice (EPMC)</b>	Optionsfach fir 8PO, TE, 9TE, 9PR an 10APS	1 Stonn/Woch während engem Semester oder 2 Stonnen/Woch während 6 Wochen	Fir 8 <sup>e</sup> bis 9 <sup>e</sup> rücht sech de Programm nom Buch « Lies de bal » an enger Iddi vun enger Enseignante, de Cours « Sprooch, Land a Leit » ze nennen.  Op der 10APS kréie Schüler den Optrag, sech selwer iwwer verschidden Themen (Sportler, Kënschtler, Traditiounen ...) ze informéieren, déi si hire Schoulkomeroden als Referat virdroen.	D'Enseignantën, déi de Cours halen, si Lëtzebuenger déi Germanistik studéiert hunn an déi sech fir Lëtzebuergesch an hirem Gebai schonn iwwert Joren agesat hunn.
<b>École privée Notre-Dame Sainte-Sophie (EPND)</b>	- Klassen 2.1 bis 4.2 an der Grondschoul - Classes inférieures vum ESG - Franséisch Sektioon: Fakultativ Coursën an	1 Stonn/Woch  Stonnenzuel wéi se an den Horaires & Programmes	- Offiziell Programme vum MENJE  - Verschidden Aktivitéite fir d'Lëtzebuergesch	- Diploméiert Enseignantën oder Chargé-de-coursën  - Qualifizéiert Sproochen-enseignante (Däitsch)

	der École maternelle a primaire; obligatoresch Coursën am Secondaire	festgeschriwwen sinn 1 Stonn/Woch 1 Stonn/Woch	mëndlech ze léieren  - Schoulbicher:  <i>Schwätzt dir Lëtzebuergesch?</i> - Niveau A1 – INL  <i>Lëtzebuergesch fir all Dag - MENJE</i>	- Chargés de cours
<b>École privée Sainte-Anne (EPSA)</b>	Fakultativ Lëtzebuergesch-coursën als parascolaire Aktivitéit am Cycle inférieur a moyen	1 Stonn/Woch	Schoulbuch:  <i>Gewosst wéi! E Bléck op d'Lëtzebuerg Orthographie - MENJE</i>	D'Enseignante huet d'Formation « Lëtzebuerg Sprooch a Kultur (ZLSK) » (Université du Luxembourg) beluecht.
<b>Lycée technique privé Emile Metz</b>	- Klassen T0 an 10 <sup>TE</sup>	2 Stonnen/Woch	D'Modullen LUXEM1-F (Éischt Semester) an LUXEM2-F (Zweet Semester)	Qualifizéiert Enseignante (Englesch a Geographie).
<b>Over the Rainbow</b>	Fakultativ Lëtzebuergesch-coursën als parascolaire Aktivitéit am Cycle primaire a secondaire	3 Stonnen/Woch	Baséierend op der Methodologie an de Programme vun <a href="http://www.languages.lu">www.languages.lu</a>	Qualifizéiert Enseignantën, déi vun der Sociéitéit Languages.lu rekrutéiert ginn.
<b>École Charlemagne</b>	Aktuell gi Lëtzebuergeschcoursë fir d'Schouljoer 2018/2019 envisagéiert.	/	/	/
<b>École Privée Grandjean</b>	Aktuell si Lëtzebuergesch-coursën an noer Zukunft geplangt.	/	/	/
<b>VAUBAN – École et Lycée Français de Luxembourg</b>	Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursë während deenen éischte Joer am Secondaire.  Fakultativ vum 2. bis 4. Joer am Secondaire.  Vum Schouljoer 2018/2019 u gi fakultativ Coursën am Périscolaire ugebuede fir d'Schüler aus der École élémentaire.	1 Stonn/Woch  (2 Stonnen/Woch vum Schouljoer 2018/2019 un)	Initiationsprogramm fir d'Sprooch an déi Lëtzebuerg Kultur.  Verdeiwungscours op 2 Niveauen: initiés et avancés.  Um Niveau vum Baccalauréat wielen d'Schüler d'Option « <i>Langues régionales des pays mosellans, option Francique luxembourgeois</i> ».	- Qualifizéiert Sproochen-enseignantën (Germanistik)  - Formateurs pour adultes (Lëtzebuergesch)

<b>Fräi öffentlech Waldorfschoul Lëtzebuerg</b>	D'Ëmgangssproch am Précoce an an der Maternelle ass d'Lëtzebuergesch.  Um Niveau 6 <sup>e</sup> – Secondaire gi Lëtzebuergeschcoursën ugebueden.	Zwou Unitéiten/Dag während 3 Wochen.	Et gëtt no Thematiken a schülerzentréiert geschafft.	Qualifizierten Enseignant aus dem Fundamental.
<b>St. George's International School</b>	Aktuell suivéieren all d'Schüler vun deene 4 leschte Joer am Primaire Lëtzebuergeschcoursën.  Dës Offer soll vun der Schoulentrée un och fir d'Schüler vun deenen éischte Joer gëllen.	Tëscht 30 an 45 Minutten/Woch	Spezifesch Programm, dee vun der Schoul entwéckelt gouf (Vocabulaire, Grammaire, kulturell an traditionell Elementer).	D'Enseignantën hunn d'Formatioun « Lëtzebuergesche Sprooch a Kultur (ZLSK) » (Université du Luxembourg) beluecht.
<b>International School of Luxembourg</b>	De Cours "Luxembourgish Culture and Connections" gëtt zanter dësem Schouljoer an der Lower School (K1-K2/grades 1-5) an an der Upper School (grade 6) ugebueden.	27 Stonnen/Schouljoer	Lower School: "Luxembourgish Culture and Connections" An "LetzKoolTour"  Upper School: Thematiken: "Welcome to Luxembourg" "Luxembourgish traditions and legends" "National symbols of Luxembourg"	Qualifiziert Enseignantën (Fundamental – Sproochenenseignantën – ZLSK)

An alle Lëtzebuergesche agreéierten Europaschoulen gesäit de Gesetzprojéit N° 7240 zwou formell Perioden Lëtzebuergesch vun dem Primär 1 bis an de Secondaire 3 vir. Dat sinn 2x30 Minutten am Primär 1 a Primär 2, an 2x45 Minutten an all deenen anere Klassen. Verschidde Fächer, wéi zum Beispill de Schoulsport, ginn och op Lëtzebuergesch gehalen. Fir dësen Unterrecht ginn d'Kanner aus alle Sproochesektiounen gemëscht.

Während dem Unterrecht gëtt differenzéiert an d'Kand gëtt am Lëtzebuergeschen do opgefaangen, wou et ass, ob et elo Ufänger oder Mammesproochler ass. Léierziel bei de Mammesproochler ass et, d'Sprooch reflektiv erëmzeginn. Léierziel bei den Ufänger, respektiv bei de Kanner, déi eis Sprooch nach net esou gutt beherrschen, ass et, duerch Interaktioun Lëtzebuergesch ze léieren. Et geet drëm, datt all Kand Lëtzebuergesch schwätzt, an dëst als Mammesprooch oder eben als Zweetsprooch.

Am Primär gëtt nom Programm vum Plan d'études gefuer. Am Secondaire gëtt, ënnert anerem, mat "Schwätzt dir Lëtzebuergesch?" an "Wat gelift?" geschafft.

Aktuell schafft eng Equipe vun Enseignantën altersgerecht nei Dokumenter fir de Primär 1 bis de Secondaire 3 aus, dëst ënnert der Leedung vum SCRIPT.

An den Typ-I Europaschoulen (Luxembourg I - Kirchberg a Luxembourg II – Mamer-Bertrange) kënnen d'Schüler an d'Schülerinnen Lëtzebuergesch als Cours complémentaire (2 Stonnen/Woch) an deenen 2 leschte Joer Secondaire wälen. Dëse Cours, dee vum

Inspektorat vun den Europaschoulen ausgeschafft gouf, riicht sech u Kanner a Jugendlecher, déi sech besonnesch fir d'Léiere vu Sproochen interesséieren. Si léieren an enger neier Friemsprooch ze kommunizéieren an hire kulturellen Horizont ze erweideren. De Cours ass speziell fir Ufänger konzipéiert. D'Léierziler orientéiere sech un den Niveaue vum Cadre européen commun de référence pour les langues (CECRL).

An den internationale Filière vun nationale Schoule ginn déi heite Lëtzebuergeschcoursen ugebueden:

<p><b>International Baccalauréate (IB anglophone)</b></p> <p><b>Athénée de Luxembourg (AL)</b></p>	<p>Op den IB-Klassen ass Lëtzebuergesch obligatoresch op den ënneschte Klassen (7<sup>e</sup> a 6<sup>e</sup>: 3 Wochestonnen – 5<sup>e</sup>: 2 Wochestonnen – vun der 4<sup>e</sup> u gëtt et d'Méiglechkeet, e Cours facultatif "Lëtzebuergesch schwätzen" ze beleeden.</p> <p>Et ginn <i>cours d'initiation</i> (mëndlech an schrëftlech) a <i>cours de civilisation et de culture luxembourgeoise</i>.</p> <p>De Programm ass vun enger Équipe vu Sproochenenseignantën erschafft ginn, déi do och d'Lëtzebuergeschcoursen halen a Formatiounen ad hoc beluecht hunn.</p>
<p><b>International Baccalauréate (IB francophone)</b></p> <p><b>Lycée technique du Centre (LTC)</b></p>	<p>An de Klassen, déi op de Baccalauréat international virbereeden, gëtt op der 6<sup>e</sup> a 5<sup>e</sup> d'Lëtzebuergesch als obligatorescht Fach ugebueden (4 Wochenstonnen). Vun der 4<sup>e</sup> un ass d'Lëtzebuergesch fakultativ.</p> <p>Lëtzebuergeschcoursë gi vu qualifizéierten Lëtzebuergesch-Enseignantë gehalen oder vu qualifizéierte Sproochenenseignantën (Däitsch, Franséisch).</p>
<p><b>Offre scolaire anglophone (A-levels)</b></p> <p><b>Lycée Michel Lucius (LML)</b></p>	<p>An der Grondschoul ginn et an de Joren 1-2 zwou Wochestonnen obligatoresch Lëtzebuergesch, an an de Joren 3-6 eng Wochenstonn.</p> <p>Am Secondaire ass et eng obligatoresch Stonn/Woch an 3 fakultativ an deenen 3 éischte Joer. Duerno ka Lëtzebuergesch als Optionsfach gewielt ginn.</p> <p><u>Grondschoul:</u></p> <p>Opgebaut op d'Léierziler an d'Kompetenzniveauen an dem offizielle Programm fir d'Grondschoulen, gëtt Lëtzebuergesch als Friemsprooch geléiert.</p> <p>Niewent de Léierberäicher 'Mëndlech Produktioun, Héiervverständnes a Liesverständnes' spillt de Léierberäich vum kulturelle Bewosstsinn an dem Rächtum vun de kulturellen Traditiounen eng wichteg Roll.</p> <p>Didaktescht Material: Zousätzlech zu 'Meng éischt dausend Wieder op Lëtzebuergesch' an 'Mäin europäesche Sproocheportfolio', bréngen Iwwersetzungen op Lëtzebuergesch a Kannerbicher vu Lëtzebuerg Auteuren de Kanner d'Sprooch méi no.</p> <p><u>Lycée:</u></p> <p>Et gëtt Ënnerscheeder tëschent Ufänger a Jonken mat gudder Kenntniss am Lëtzebuergesch.</p> <ul style="list-style-type: none"> <li>- Ufänger - pedagogesch Material: Wat gelift? – Lëtzebuergesch fir déi Jonk</li> <li>- Jonker mat gudder Kenntniss: opgebaut op de Cours ALLUX, hei gi besonnesch Aspekter vun der Lëtzebuergesch Geschicht a Kultur thematiséiert.</li> </ul>

De pedagogesch Contrôle ass d'Aufgab vun den Direktoren vun deenen eenzelnen Etablissementer.



## Erwuessenebildung

Insgesamt 7500 Erwuessener léiere Lëtzebuergesch als Friemsprooch, am Institut national des langues (INL) an a Coursën, déi mat der Formation des Adultes vum Educatiounsministère konventionéiert sinn. Déi Coursë baséieren op Léierwierker, déi vum INL ausgeschafft goufen, *Schwätzt Dir Lëtzebuergesch* fir den Niveau A1 an den Niveau A2 vum Gemeinsamen Europäesche Referenzkader fir Sproochen.

Am INL ginn d'Coursë gehale vu Professere fir Lëtzebuergesch an och vu Chargé-de-coursen, ewéi an de Lycéeën. An de Coursë vun der Formation des adultes ass den Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur (ZLKS) verlaangt, fir als Lëtzebuergesch-Formateur bei de Gemengen oder am konventionéierte Secteur ze ënnerriichten. Dat ass eng Ausbildung vun 120 Stonnen um INL oder op der Universitéit vu Lëtzebuerg, déi als Schwéierpunkte Literatur a Kultur, Didaktik a Linguistik huet.



Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse